ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. Dezember 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro (Art. 84 vum Chambersreglement) un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

> En iranesch-schwedeschen Dokter a Wëssenschaftler, den Dr. Ahmadreza Djalali, hätt den 1. Dezember sollen am Iran, wéinst Spionage oder "Verduerwenheet" (d'Quelle ginn ausernee) higeriicht ginn. Anscheinend ass dat, laut Amnesty international (AI) nach net geschitt. Duerfir hätt ech dës Froen un den Här Bausseminister.

1. Wat ass déi aktuell Situatioun vum iranesch-schwedesche Wëssenschaftler? Wat genee sinn d'Faiten déi zu senger Veruerteelung gefouert hunn? Sollt seng Hiriichtung net ausgefouert gi sinn (wéi AI mellt), riskéiert hien nach ëmmer d'Doudesstrof?
2. Wat huet den Här Minister ënnerholl, fir deem Mann seng Situatioun ze erliichteren an, wann hien no eiser Rechtsopfaassung kee Verbrieche begaangen huet, seng Fräiheet erëmzeginn? Wann hien dat nach net gemaach huet, ass den Här Minister bereet, fir ze intervenéieren an dem Mann a senger Famill eventuell Asyl zu Lëtzebuerg ze ginn, wann hien an den Iran mat esou enger Léisung d'accord waeren?
3. Wat ass d'Roll vu Schweden an dem Kontext? Wat huet d'EU ënnerholl fir e Mann mat schwedeschen Originnen aus dem iranesche Prisong ze huelen?
4. Wéi steet den Här Bausseminister zu Länner mat engem Rechtssystem, dat net op weltlecht mee op reliéist Recht opgebaut ass? Wéi dréckt dat sech an de Relatioune mat esou Länner aus?
5. Sinn dëst Punkte, déi an eventuell zukünfteg Verhandlunge mam Iran mat dem nächsten US-President afléissen an déi wirtschaftlech Sanktioune fir sech eleng scho géinge rechtfäerdegen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten